PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/02/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Gesondheet weiderzeleeden.**

De 15ten Dezember gouf an der Chamber eng Motioun gestëmmt, déi virgesäit, dass am ëffentlechen Transport, an och bei Busarrêten a Garë sollen Desinfektiounsgel-Spender installéiert ginn. Den zoustännege Minister huet am Februar an der Chamber erkläert, dass bis elo an 11 Garë Spender opgestallt goufen.

An de Recommandatioune vun der Santé fir d'Commercen, heescht et, dass de Patron de Salariéeën entweder Accès zu engem Lavabo mat Seef oder zu Desinfektiounsgel muss garantéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Spender goufen am Januar opgestallt?
   Wéi vill am Februar?

2. Huet de Minister sech, wéi an der Motioun gefrot, a Kontakt gesat mat de privaten a kommunalen Transport-Firme wéi dem TICE, a si invitéiert, och Desinfektiounsmëttel-Spender opzestellen?

3. Wärend dem Debat an der Chamber huet de Minister erkläert, dass Luxtram an d'CFL plange fir kleng Ampulle mat Gel un d'Passagéier ze verdeelen.
   Sinn déi 20'000 Ampullen all verdeelt ginn?

   Gouf fir dës Ampulle recycléierte Plastik benotzt?
   Falls nee, wéi vill Kilo Plastiksoffall entstinn duerch dës Einweg-Produiten?

4. Hunn all d'Centre commerciaux, déi ee Protocole sanitaire bei der Direction de la Santé agereecht hunn, an dësem Desinfektiounsmëttel-Spender fir d'Clientë virgesinn?

   Falls jo, firwat ass d'Bereetstelle vun Desinfektiounsgel am Commerce obligatoresch an am Transport net?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député